adr fraen

Positioun zu de Quoten op de Wal-Lëschten

Pressematdeelung vum 30. September 2015

D'ADR Fraen schwätze sech ausdrécklech géint d'Quoten aus, sief dat an der Politik oder am Beruff. Déi perséinlech Fähegkeeten a Kompetenzen eleng sollten de Kritär fir Auswiel a Beförderung sinn. Quote gi géint de Prinzip vu gläiche Rechter, ee vun de Grondprinzipien vun der Demokratie. Fir eng gerecht Behandlung ze garantéieren, sinn d'ADR Fraen géint d'Diskriminatioun vun enger Persoun, déi op hirem Geschlecht baséiert, sief se positiv oder negativ.
De Gesetzesprojet iwwer d'Quoten widdersprëcht ausserdem dem Gesetz iwwer d'Finanzéierung vun de Parteien, dat den Zweck huet, d'Onofhängegkeet an d'Fräiheet vun de politesche Parteien ze sëcheren.
Eng Quote, déi de Parteien fir hir Wal-Lëschten imposéiert gëtt, soll indirekt och dem Wieler seng Fräiheet begrenzen. Och dat ass an den Aen vun den ADR Fraen an enger Demokratie net zoulässeg.
Dat gesot: Den Intérêt an d'Capacitéiten bei den ADR Fraen, fir sech aktiv an der Politik ze engagéieren, ass esou grouss, datt bei de leschte Chamber- a Gemengewalen bal 40 % Fraen op den ADR-Lëschte waren an et waren esou guer scho méi wéi 50 % am Bezierk Zentrum. Et gëtt och kee Grond, datt dat an Zukunft soll anescht sinn.

Sylvie Mischel
Presidentin vun den ADR Fraen

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**